



Sensibilité politique  
Boîte postale 83  
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaat  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/02/2019

Här President,

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

Vum éischte Februar 2019 un gëlle fir déi technesch Kontroll vun der SNCT S.A. nei Tariffer. Fir eng Rei Gefierer geet de Präis vun der technescher Kontroll bis zu 40 % an d'Luucht. Dës Präishausse betrëfft beispillsweis Bensin- an Dieselgefiere souwéi Gefiere mat Hybrid- oder Elektrotechnik. D'SNCT begrënnt dës Präishausse domat, datt d'Qualitéit vum Service elo verbessert géif ginn.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

- Här Minister, wat rechtfäerdeg dës nennenswäert Hausse vun den Tariffer bei der SNCT S.A. ?
- De Service vun der SNCT S.A soll duerch déi nei Tarifikatioun verbessert ginn. Wéi eng si genee d'Verbesserunge fir de Client, déi duerch di rezent Hausse vun den Tariffer bei der Kontroll ze erwaarde sinn ?
- Wou louchen deemno Mängel vir bei de Servicer vun der SNCT S.A, befir d'Tariffer eropgesat goufen ?
- Trëfft déi nei Tarifikatioun net virun allem déi Biergerinnen a Bierger, déi keen neit Gefier besëtzen oder fir déi de Kaf vun engem neie Won, aus ausschliisslech finanzielle Grënn, iwwerhaupt net méiglech ass ?
- Wat ass dem Här Minister seng Positioun zum Fait, datt Besëtzer vun eelere Gefierer, fir ee Service dee vum Gesetz virgeschriwwen ass, elo méi musse bezuelen?
- Här Minister, huet de Service vun der SNCT ärer Aschätzung no och eng sozial Vokatioun a bleift e fir all Biergerinnen a Bierger finanziell zougänglech?
- En Auto ass fir eng Majoritéit u Biergerinnen a Bierger uechtert Land bal liewesnoutwenneeg. Gesäit d'Regierung Mesurë vir, fir d'Biergerinnen a Bierger, déi op den Auto ugewise sinn, ze ënnerstëtzen? Wa jo, wéi eng Schrëtt si konkret virgesinn konkret virgesinn ?
- Gëtt et een Zesammenhang tëscht der Hausse vun der Präisser beim Contrôle Technique mat der aktueller Anti-Auto-Politik vun der Regierung?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc  
Député



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)